Lëtzebuerger Guiden a Scouten

Mère Thérèse
Housen-Houschent

www.lgs-houhou.lu	Müller Helène	2, Kohnenhof L-9838 Eisenbach	GSM: 691 86 88 20 Tél: 92 02 60	muller_helene@yahoo.de

AvEx-Summercamp 2018

Gläich ass et endlech esou wäit: Mir maachen eis op dee laang erwaarten Summercamp.
Hei dann nach eng Kéier all déi wichteg Informatiounen zesumme gefaasst:

Wou?
Rue du Village, 9576 Wiltz (Campplaatz huet keng genau Adress)

Ufank & Schluss vum Camp?
Dëst Joër treffe mir eis direkt op der Campplaz, an zwar:

Ufank:	Sonndes, den 15. Juli um 13:30
Schluss:	Meindes, den 23. Juli um 17:00

---WICHTEG---

De Präis vum Camp ass 180 Euro.
Dofir iwwerweist sou séier wéi méiglech déi restlech Souen op eise Kont.

Wéivill: 100 Euro

Mère Thérèse Housen-Houschent
IBAN: LU54 0090 0000 0836 0430

Recto/Verso!!!

www.lgs-houhou.lu | Müller Helène | 2, Kohnenhof L-9838 Eisenbach | GSM: 691 86 88 20 Tél: 92 02 60 | muller_helene@yahoo.de

!!!Allgemeng Informatiounen!!!

Wäertsaachen um Camp

Schmuck oder Wäertsaachen, Handy, Fotoapparat a soss engt elektronescht Geschir ass net wëllkomm!
Wanns du mengs du muss eppes vun deem ganze Geschir mathuelen, muss du der bewosst sinn, dass keng Assurance fir iergendeng Problemer opkomme wäert.
Sief der och bewosst, dass keng Méiglechkeet besteet fir iergendeng elektronesch Geräter opzelueden.

Grousse Rucksak

Du muss ee grousse Rucksak mathuelen wou däi ganzt Gepäck dra geet.
Et ass wichteg, dass du dëst anhäls, well mer soss Chaos op der Camp-Plaz an um Hike kréien!
Fir deng Kleeder viru Fiichtegkeet ze schützen, mëss du se am beschten agepak a plastiks Tuten an däi Rucksak. Een zweete klenge Rucksak duerfs du gären mathuelen, fir wa mer mol op eng Sortie ginn.

Täschegeld

Wéi vill Täschegeld, dass de mathëls ass dir fräi iwwerlooss.
Fir der eng kleng Iddi ze ginn: Mir ginn ee puer mol op een Ausfluch wou een sech eppes klenges kafe kann. Kuerz: du muss also net däi ganzt Spuerschwäin eidel maachen ;-)

Fiche Médicale

Et ass wichteg dat d'Fiche Médicale komplet ausgefellt ass a Kopien vun all wichtegen Dokumenter dobai leien. Kuckt och ob dës Dokumenter och all aktuell sinn. Den éichten Dag sammelt ee vun de Chef all d'Fichen an. Dëst ass wichteg fir am Fall vun engem Noutfall séier reagéieren zekennen.

Telefon um Camp fir WICHTEG Saachen

Responsablen Chef um Camp:

621489266 [Rui Oliveira, *Esch-Grenz*]

Des weideren kënnt Dir den Claude erreechen:

691888922 [Claude Malek, *Hou-Hou*]

www.lgs-houhou.lu | Müller Helène | 2, Kohnenhof L-9838 Eisenbach | GSM: 691 86 88 20 Tél: 92 02 60 | muller_helene@yahoo.de

MATHUELEN:

--- Wichteg Saachen déi musse matgeholl ginn!! ---

- ☐ **Carte d'Identité**
- ☐ **Schülerkaart**
- ☐ **Perséinlech Médicamenter**
- ☐ **Fiche Médicale mat Kopie vun der Impf- an Krankekeeskaart**
- ☐ **Deng Saache mat dengem Numm markéieren**

Allgemenges:

- ☐ Grousse Rucksak
- ☐ Klenge Rucksak
- ☐ Schlofsak
- ☐ Schlofënnerlag (kee Feldbett!!!)

Kleeder:

- ☐ **Uniform & Foulard!!!**
- ☐ Laang Boxen
- ☐ Pullover
- ☐ Kuerz Boxen
- ☐ T-Shirten
- ☐ Strëmp & Ënnerwäsch
- ☐ **Schwammsaache**
- ☐ Biergschong
- ☐ normal Schong
- ☐ Waasserschong/Sandalen
- ☐ Reejacket/Poncho
- ☐ décke Pullover oder eng Jackett
- ☐ Pyjama
- ☐ déck Strëmp (-> fir an Biergschong)
- ☐ **Sonnenkaap/Hut**

Iessen & Drénken:

- ☐ Gamelle
- ☐ Becher
- ☐ Besteck
- ☐ Min. 2x Kichendicher
- ☐ Spulllomp oder Schwamm
- ☐ **Bidon**

Hygiène:

- ☐ Wäschtrousse
- ☐ Bueddicher
- ☐ Handdicher
- ☐ Läppercher
- ☐ Zännseef
- ☐ Zännbiischt
- ☐ Duschseef
- ☐ Kamp/ Biischt
- ☐ **Sonnecrème**
- ☐ Anti-Mustikespray
- ☐ Nuesschnappecher
- ☐ Fir d'Meedercher: Binden/Tampon
- ☐ Perséinlech Medikamenter

www.lgs-houhou.lu | Müller Helène | 2, Kohnenhof L-9838 Eisenbach | GSM: 691 86 88 20 Tél: 92 02 60 | muller_helene@yahoo.de

Divers & Sécherheet:

- ☐ Sonnebrëll
- ☐ Täschemesser
- ☐ (Kompass)
- ☐ Täscheluucht
- ☐ Batterien
- ☐ Block & Bic
- ☐ AvEx-Pass
- ☐ Porte-Monnie
- ☐ Täschegeld
- ☐ **Warnwest**

Dës Lëscht soll der just eng Iddi ginn wats de alles op engem Camp brauchs. Du kanns dës Lëscht natierlech och nach mat perséinlechen Saachen ergänzen déis du brauchs. Bedenk awer ëmmer, dass alles wats de mat hëlls och säi Gewiicht huet, dats du op denge Schëlleren droen muss.

Tipps:

- Wanns de amplaz vun dengem ganzen Kleederschaf eng Tube "*Rei in der Tube*" mat hëls, kanns de ab un zu deng gebrauchten Kleeder um Camp wäschen, an spuers soumat vill Gewiicht a Plaz an dengem Rucksak.
- Pack däin Rucksak esou dass de déi Saachen déis de méi oft brauchs: Pyjama, Wäschtrouss, ... liicht ze erreechen sinn. Sou brauchs du däin Rucksak net am Zelt ëmzetippen an du erspuers der soumat vill Wull am Zelt.
- Beim Packen muss de awer oppassen, dass schwéier Saachen an der Mëtt vun dengem Rucksak leien, op kee Fall leien dës ganz uewen oder ënnen. Wanns de heirobber oppasst stabiliséiers du däin Rucksak un dengem Kierper.
- Am beschten hänkt näischt um Rucksak. Ausnahmsweis kann awer Schlofsak an Schlofënnerlag baussen um Rucksak **gutt** fixéiert ginn.
- Vergewësser dech, dass de gutt déck Strëmp (zB. Trekkingstrëmp) agepak hues. Dës kënnen der den Hike um Camp ee gutt Stéck méi einfach maachen. Och wanns du super Wanderschong hues, dingen déi näischt wanns de Blosen un den Féiss hues. Gutt Wanderstrëmp sinn esou gebaut, dass se däin Fous op verschidden Art a Weisen viru Blosen schützen.
- **Wann nach Froen sinn, sief dat iwwert allgemeng Saachen vum Camp, oder iwwert d'Material dat muss matgeholl ginn. Zéckt net ee vun dengen Chef ze kontaktéieren.**

Bis geschwënn, är Chef: Claude, Helène, Tania